Stallgeroch

E schmeiere Summerdag Enn August zu Athen. Wéi eng Kéisklack hänkt de Smog iwwert der griechescher Haaptstad, an 't mengt een, 't kënnt een d'Loft an Tranche schneiden, esou déck as se.

D'Gewulls an de Kaméidi um internationale Flughafen droe näischt derzou bäi, fir engem séng Laun ze besseren, am Géigendeel: Déi kleng Stater Famill, Mamm, Papp an eng Duechter vun dräizéng Joer, gët ëmmer méi granzech. De Mueren an aller Herrgottsfréi haten s'ewell missen eng al wackeleg Maschinn vun der Olympic Air huelen, déi se vun der schéiner Insel Mykonos zréck op Athen geflunn huet, an elo stin se scho stonnelaang hei ze waarden, fir datt endlech . . .

„Do hanne kënnt en!" - Deen eeleren Här mat der Fotostäsch a mam Sonnebrëll, dee niewt hinnen uewen op der Terrass vum Flughafen steet, as also och e Lëtzebuerger. „Wou?", freet e jonke Kärel, dee mat sénger Frëndin grad laanschtgetrëppelt kënnt, ganz intresséiert. „Ma dohannen. Gesi der en da nët, 't as däitlech ons Luxair, an zwar de Prince Guillaume!"

Dat wat virun e puer Minutten nach e Grupp vu mißtraueschen, duerchgeschweesten, midden a granzechen Touristen wor, déi sech wéi Hondsfriemer mat feindleche Blécker ofgetaascht hun, as op eng Kéier eng Clique vun initiéierte Landsleit, déi äifreg Vakanzereënnerongen austauschen, iwwerdeems se vun enger Lautsprecherstëmm op englesch gebiede gin, sech beim *gate number 8* anzefannen. Emmer méi kommen der zesummen, jonker an aler, jiddereen kennt iirjhendeen, deen deen aneren iwwer siwen Ecken och kennt. Nimm fléien hin an hir, a wéi endlech de *gate* opgeet an d'Stewardess vun der Luxair d'Bordkaarten asammelt, kënnt mat Attaché-Case a wichtegem Gesiicht aus dem VIP-Lounge nach en Här an de Bus, deen déi ganz Band bei de Fliger féiere soll. Dat as dach, as dat da nët, ma sëcher, dat as eisen Transportminister, deen no engem Kongreß iwwer d'Verkéiersregelongen am neie Bannemaart nees heemflitt.

Déi richteg Stëmmong kënnt awer eréischt op, nodeems d'Leit am Fliger Plaz geholl hun. D'Stewardess huet ewell all Mënsch gesot, wéi d'Wieder am Ländchen doheem as – wéi ëmmer vill ze kal fir d'Saison, a natierlech reent et –, a jiddereen huet dat schéint Gefill, elo kënnt näischt méi passéieren. Vun elo un geschitt nach jhust dat, wat ee gewinnt as: Zeidonge gi verdeelt – „Wëll Dir d'Tageblatt, d'Wort oder de Républicain?" – di onvermeidlech Luxair-Karamell virum Start gët offréiert, a jidderee weess, dass, kaum an der Luut, den Apéritif, d'Iessen, d'Fläsch Wäin, de Café an den Digestif nët méi laang wäerten op sech waarde loossen.

Am jugoslawesche Loftraum kuerz no Thessaloniki huet d'Ambiance schon de Niveau vun engem Konveniat erreecht, hannert den Alpen verwandelt sech dee bloen Himmel lues a lues an eng gro-brong Wolléckenzopp, all hun s'ewell äifreg d'Doudesannoncen am Wort studéiert, an eng Stëndche méi spéit, pünktlech an duuss ewéi gewinnt, liwwert de Pilot säi Fliger a séng Leit gesond a monter um Findel of. Vu Freed, erëm doheem ze sin, klappe s'all an d'Hänn.

René Clesse